



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 18 avril 2019
Réf. N° QP -28/19



Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet: Question parlementaire n°541 du 22 mars 2019 de l'honorable Député Roy Reding

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Le Vice-Premier Ministre,
Ministre de la Justice

Félix BRAZ

**Äntwert vum Här Felix Braz, Justizminister, op déi parlamentarësch Fro n° 541, vum
22. März 2019, vum honorablen Députéierte Roy Reding**

D'Zuel vu Mannerjärege, déi an enger staatlecher Institutioun oder a Fleegefamille placéiert sinn, ass folgend :

Am Centre socio-éducatif de l'Etat:

Um 31.12.2017 waren 128 Mannerjäreger iwwer d'Jugendgericht placéiert.

Um 31.12.2018 waren 107 Mannerjäreger iwwer d'Jugendgericht placéiert.

An de Fleegefamilien:

Um 01.10.2017 waren 500 Mannerjäreger an Fleegefamille placéiert.

Um 01.10.2018 waren 526 Mannerjäreger an Fleegefamille placéiert.

D'Grënn fir e Placement si villsäiteg an hänke vum sozialen a familiären Ëmfeld vum Mannerjärege of, sengem Verhalen a senger Entwécklung, esou wéi vum Wëlle vun der Famill fir aktiv mat de Professionnelle vum Jugendschutz an der Kannerhëllef ze kooperéieren.

D'Décisiounen fir Placementer gi vu Fall zu Fall geholl, am Aklang mat engem komplexen Ensembel vu faktuellen Ëmstänn.

D'Exécutioun vun enger Mesure am Kader vum Placement judiciaire gëtt en Fonctioun vun den Ëmstänn gemaach, déi vu Fall zu Fall appreciéiert ginn.

Wann d'Elteren d'Accord si mam Placement vum Mannerjärege, da kënnen d'Elteren hiert Kand an déi respektiv Institutioun féieren. Dës Solutioun, esou laang se méiglech ass, gëtt privilegiéiert, well se am Intérêt vum Kand an vun den Elteren ass.

Am Fall wou d'Elteren net d'Accord si mat der Décisioun vum Placement vum Mannerjärege, oder wann d'Eltere selwer eng Gefor fir d'Kand duerstellen (am Fall vu Mësshandlung oder sexuellem Mëssbrauch z.B.) gëtt d'Police vum Parquet chargéiert fir den Placement vum Mannerjärege z'executéieren.

Dozou mussen folgend Remarquë gemaach ginn.

Et muss ënnerstrach ginn, dass et, zum aktuellen Zäitpunkt, keen disponibele Service gëtt, deen 7/7 Deeg an 24/24 Stonnen d'Executioun vum Placement vun de Mannerjärege assuréiere kann. Dësen Ëmstand ass der Madame Familljeminister an dem Här Educatiounsminister, esou wéi dem Här Justizminister bekannt, an all Initiativ, déi dozou bäidréit, dat ze änneren, ass ze ënnerstëtzen.

Et dierf een net aus den Aae verléieren, dass déi urgent Placementer sech oft ausserhalb vun den normale Bureauszäiten ofspillen. D'Executioun vum Placement vun engem Mannerjärege, deen an senger Famill mësshandelt gëtt, kann net bis den Dag drop oder méindes waarden, wann d'Fakte sech während der Nuecht oder Enn der Woch ofgespillt hunn.

Ausserdem muss präziséiert ginn, dass d'Polizisten, déi spezialiséiert am Beräich vum Jugendschutz sinn, an Ziviluniform, mat banaliséiertem Auto, sech ëm d'Executioun vun den Placementer këmmere. Nëmme an exceptionnelle Fäll, wa kee spezialiséierte Polizist disponibel ass, kann et virkommen, dass d'Police an Uniform sech ëm d'Executioun vum Placement këmmert.

Schliesslech kann et virkommen, dass d'Police entscheed fir de Mannerjärege an engem anere Milieu ze recuperéiere wéi säi Wunnsätz, virun allem wann et konkret Indizie ginn, dass et zu enger weiderer Eskalatioun am familiäre Milieu komme kéint, bedingt duerch d'Verhale vun den Elteren.

An esou Fäll probéiert d'Police ëmmer diskret virzegoen, zum Beispill an deem d'Police den Enseignant freet fir kënne mam betreffende Kand erauszegoen.

An anere Fäll gëtt de Mannerjärege an den Centre socio-éducatif de l'Etat (UNISEC) placéiert, virun allem opgrond vun de Strofdoten, déi hie begangen huet. An dësem Fall gëtt d'Executioun vum Placement oft un d'Police attribuéiert.

Laut enger Estimatioun, déi am Joer 2017 gemaach gouf, si manner wéi d'Halschent vun de Placementer vun de Mineure vun der Police Grand-Ducale effectuéiert ginn.